LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de la Justice

**Äntwert vun der Madamm Justizminister, Elisabeth MARGUE, op d'parlamentaresch Fro n° 3011 vum 09. Oktober 2025 vum honorabelen Deputéierten Sven CLEMENT.**

1. **Wéi eng statistesch Donnéeë leie vir iwwer den duerchschnëttlechen Zäitraum tëscht dem Emissiouunsdatum vun enger Citatioun an dem Datum vun der éischter Audienz ("délai de citation") pro Juridiction du fond (Tribunal d'arrondissement, Cour d'appel) an de leschte fënnef Joer (2020-2024), ënnerdeelt no Prozedurtyp (Mini-Instruktioun versus klassesch Instruktioun)?**

Den duerchschnëttlechen Zäitraum tëscht dem Emissiounsdatum vun enger Citatioun an dem éischten Audienzdatum, ausgedréckt an Deeg, stellt sech an der éischter Instanz esou duer:

| Arrondissement | Typ vun Affär | 2020 | 2021 | 2022 | 2023 | 2024 |
|---|---|---|---|---|---|---|
| **LETZEBUERG** | Mini-Instruktioun | 31 | 34 | 38 | 41 | 39 |
| | Instruktioun | 31 | 40 | 41 | 42 | 37 |
| | Aner Affären | 36 | 39 | 40 | 42 | 40 |
| **DIKRECH** | Mini-Instruktioun | 32 | 37 | 66 | 47 | 58 |
| | Instruktioun | 34 | 41 | 43 | 39 | 45 |
| | Aner Affären | 52 | 43 | 47 | 49 | 36 |

Den Tableau ënnerscheet tëscht dräi Aarte vun Affären:

- Affären, déi op d'mannst eng Mini-Instruktioun enthalen, awer keng klassesch juristesch Instruktioun;
- Affären, déi op d'mannst eng juristesch Instruktioun enthalen (mat oder ouni Mini-Instruktioun);
- Aner Affären (ouni Instruktioun, ouni Mini-Instruktioun).

Wat déi zweet Instanz ugeet, ass d'Prozedur identesch, egal wéi eng Enquête- oder Instruktiounsform gewielt gëtt:

| | 2020 | 2021 | 2022 | 2023 | 2024 |
|---|---|---|---|---|---|
| **Duerchschnëttlech Dauer** | 75 | 85 | 94 | 93 | 101 |

Fir d'Berechnung vun der Duerchschnëttsdauer vun der Citatioun, sinn just déi kriminell an déi correctionnell Affäre berücksichtegt ginn.

Et ass och ze bemierken, datt den Datum vun der Ausstellung vun der Citatioun net dem Empfangsdatum beim Empfänger entsprécht. Dësen Empfangsdatum ass am informatesche System net erfaasst.

**2. Gëtt et analytesch Donnéeën iwwer d'Zuel vun de Rapporte vun Affäre virun de Juridictions correctionnelles an de leschte fënnef Joer, bei deenen d'Ursaach fir de Rapport en ze kuerzen "délai de citation" war, wéi d'Affekotevertrieder an hirer Auditioun ugeschwat hunn?**

Et existéiert aktuell keng systematesch oder automatiséiert Erfaassung vum Motiv vun dem Rapport vun enger Affär. Laut de Geriichter an der Justizverwaltung ass déi grouss Majoritéit vun den Neifestsetzungen net op een ze kuerzen Citatiounsdelai zeréckzeféieren. Villméi ass d'Ursaach dacks d'Tatsaach, datt eng vun de Parteien – wéi de Beschëllegte, Zeien, Expert, Zivilpartei oder Affekot – wéinst Krankheet oder engem Auslandsopenthalt net ka präsent sinn.

Lëtzebuerg, de 5. November 2025

D' Justizministesch

(s.) Elisabeth Margue